ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. August 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Am Kontext vun den Entwécklungen a Wäissrussland no de rezente Walen huet den Här Bausseminister Asselborn de 17.08. 2020 am Deutschlandfunk gemengt: "Was sich in Belarus abspielt, ist Staatsterrorismus."

Elo besteet d'Konscht vun der Diplomatie jo ënner anerem doran, mat grousser Virsiicht, Ponderatioun an Nuance ze formuléieren. Dowéinst wollt ech dem Här Bausseminister dës Froe stellen:

1. Wéi definéiert den Här Bausseminister de Begrëff "Staatsterrorismus" a wéi eng Elementer vun där aktueller Situatioun a Wäissrussland si konstitutiv fir déi Qualifikatioun?
2. No deene selwechte Critèren wéi am Belarus, wéi eng aner Staaten, Subjekter oder Quasi-Subjekter vum internationalen ëffentleche Recht sinn dem Här Asselborn senger Meenung no also als "staatsterroristesch" ze bezeechnen? Kann den Här Minister der Chamber d'Lëscht vun deenen Entitéiten mat der Äntwert op dës Fro zoukomme loossen?
3. Ass den Här Minister der Meenung, datt déi Manéier, wéi hien d'Situatioun an anere Länner beschreift, an déi dacks en éischter kategoresche Charakter huet, de Lëtzebuerger Interessien déngt?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten